N° 7205
Entrée le 17.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.11.2022

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 17. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

> Den 2. Dezember 2021 gouf an der Chamber d' "Loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs" gestëmmt, fir ëffentlech an ëffentlech zougänglech Gebaier och fir Leit mat besonnesche Besoinen accessibel ze maachen. Fir den Ëmbau vu bestoende Gebaier ass eng Iwwergangsphas vun zéng Joer virgesinn, fir engersäits eng Iwwerbelaaschtung vun de betraffene Proprietären ze verhënneren, wat awer och fir déi betraffe Leit nach eng laang Waardezäit ka bedeiten.
>
> An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Familljeminister gär dës Fro stellen:
>
> 1) Gesäit d'Madamm Minister zousätzlech Moossname vir, fir déi betraffe Proprietären, déi hir Gebaier virum Delai wëllen ëmbauen, awer net iwwert déi néideg finanziell Moyenne verfügen, zousätzlech ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten